piraten.lu

N°4507
Entrée le 21.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Aussenugeleeënheeten weiderzeleeden.**

D'US-Regierung verlaangt zënter 2022 vun de Memberstaate vum "Visa Waiver Program" – dorënner Lëtzebuerg – e verstäerkten Zougang zu biometreschen a sécherheetsrelevanten Donnéeë vun hire Bierger, als Konditioun fir datt d'visafräi Reesen an d'USA erhale bleift. Op EU-Niveau gëtt dëst iwwer sougenannten "Enhanced Border Security Partnership" (EBSP)-Ofkommes gereegelt. D'Europäesch Kommissioun huet d'offiziellt Mandat vum Rot fir dës Verhandlunge réischt säit Dezember 2025, obwuel d'Gespréicher scho säit 2022 lafen.

D'EDRi-Netzwierk – gestäipt op e Statewatch-Leak vum Mee 2026 vum iwwerschafften Entworf vum Framework Agreement – warnt datt den ausgehandelten Text weitestgehend de amerikanesche Fuerderungen no engem onageschränkten Accès op biometresch Datebanken a subjektiv "Risiko-Indikatiounen" nogëtt. D'Analys weist ënner anerem drop hin, datt (1) den Text kloer vum ursprénglече Verhandlungsmandat vun de Memberstaaten ofwäicht, an (2) verschidde Bestëmmungen net mat der EU-Grondrechtscharta an dem CJEU-Krittär vum "essentially equivalent" Schutzniveau fir Datentransferte vereinbar schéngen. Besonnesch beonrouegend ass, datt de Leak-Text keng explizit Schutzklausele géint eng Diskriminéierung op Basis vu politeschen Iwwerzeegungen enthält – dëst virun dem Hannergrond, datt d'US-Autoritéiten Reesender hir sozial Netzwierker duerchsichen an dobäi politeschen Aktivismus (zum Beispill géint d'Trump-Regierung, fir Rechter vun Transpersounen oder géint de Krich a Gaza) als "Sécherheetsrisiko" ofstempele kéinten – mat potenzielle Konsequenze bis hin zum Festhalen un der Grenz.

Well d'Verhandlunge vun Ufank un ënner strengem Geheimniskréimerei-Regime lafen, ass et fir d'Chamber a fir d'Ëffentlechkeet bal onméiglech, sech e komplett Bild vun de konkreten Engagementer ze

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

maachen, déi d’EU – a via dat spéider bilateraalt EBSP-Ofkommes och Lëtzebuerg – géintiwwer den USA géing agoen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass der Regierung de geleakten Entworf vum EBSP Framework Agreement vum Mee 2026 an déi domat verbonnen EDRi-/Statewatch-Analys bekannt? Wéi bewäert d’Regierung déi doran opgeworfen Kompatibilitéitsfroen mat der EU-Grondrechtscharta a mat der DSGVO?

2. Wéi eng Positioun huet Lëtzebuerg bis elo an de Rotsverhandlungen zum EBSP Framework Agreement vertrueden, a stëmmt dës mat der urspréngleche Verhandlungsmandat-Linn vum Dezember 2025 iwwerteneen?

3. Ass d’Regierung der Meenung, datt den aktuellen Text vum Framework Agreement de Krittäre vum “essentially equivalent” Schutzniveau fir international Datentransferten, wéi vum Europäesche Geriichtshaff verlaangt, erfëllt? Gouf dëst intern oder mat externe Juristen analyséiert?

4. Wéi eng Kategorien u lëtzebuergesche Bierger-Donnéeën (biometresch Donnéeën, Risiko-Indikatiounen, aner sensibel Informatiounen) géingen am Kader vun engem spéidere bilateralen EBSP-Ofkommes tëscht Lëtzebuerg an den USA potenziell un d’US-Autoritéiten transferéiert ginn?

5. Wäert d’Regierung sech an de weideren Negociatioune fir explizit Schutzklausele géint eng Diskriminéierung op Basis vu politeschen Iwwerzeegungen, Geschlechtsidentitéit oder anere geschützte Charakteristiken asetzen?

6. Wéini gedenkt d’Regierung, d’Chamber iwwer de Stand an den Inhalt vun de Verhandlungen ze informéieren, respektiv den Text virun der Ënnerschrëft vum Framework Agreement an engem spéidere bilateralen EBSP-Ofkommes der Chamber zur Consultatioun virzeleeën?

7. Wéi eng Roll gesäit d’Regierung fir d’CNPD (Commission Nationale pour la Protection des Données) an dësem Dossier vir, a gouf si scho consultéiert?

8. Sollt sech erausstellen, datt den ausgehandelten Text net mat EU-Recht vereinbar ass, wäert sech Lëtzebuerg géint eng Ënnerschrëft vum Framework Agreement an dëser Form asetzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten